



d'Philharmonie wann den Orchester, deen do en résidence ass, mathält mat de Gaaschtorchestern, déi dohinner op Tournee kommen. An, jo, wann d'Philharmonie attraktiv ass fir déi beschten Orchesteren an Dirigente vun der Welt, da kënnen déi och hiren Interessi fir den OPL entdecken an hir berühmten Nimm mat dem OPL associéieren, zum Beispill iwwer Gaascht-dirigenten. A souwisou: D'Konzentratioun vun de Kräfte ass gutt an engem klengen Land, an engem klengen Maart.

Den OPL huet scho laang virun 1995 als Radio an als RTL-Orchester eng grouss Roll am kulturelle Liewe vum Land gespillt gehat, a vill Leit sinn iwwer hien erugefouert ginn u klassesch Musek, wéi d'Madame Rapporteur et scho gesot hat. Esou sinn e puer Generatiounen vun him geprägt ginn; an dat soll kënnen weider esou bleiwen, och wa mer haut méi Ensembles a grouss Diversitéit an deem Beräich hunn. A vun 2005 un huet sécherlech d'Philharmonie gradesou eng prägnant Roll gespillt am Bewusstsein vun dem Publikum an zum Wuel vun der klassischer Musek.

Mir maachen hei aus zwee Haiser (veuillez lire: aus zwou verschiddenen Entitéiten) eng eenzeg juristesche Struktur. An der Praxis ännert dat fir de Meloman net vill, ausser um Niveau vun de Prestatiounen an der Qualitéit. Um Niveau vum Numm wäert et ëmmer den OPL an d'Philharmonie bleiwen, sou wéi ech dat schonn ervirgstrach hat. Et gëtt an der Praxis eng Generaldirektioun, mä zwou Andeelungen an zwee jeeweileg zoustänneg kompetent Leit, souwuel fir den Orchester wéi fir de Concertsbetrieb.

Eng transversal Integratioun vun den zwee Haiser am neien Organigramm an allen administrativen Beräicher, mä och an der Programmation, an e bessert Aneneegräife wäerten och an der Praxis de Fall sinn, gradesou wéi eng optimiséiert Koordinatioun, Kommunikatioun, an am Beräich vum Marketing natierlech och eng geännert Disponibilitéit, fir Concerten ze spillen, a méi villfältig Formatiounen vum Orchester a selbstverständlech en neie Kollektivvertrag, deen dann och elo mat dem Stëmme vun deem Gesetz a mat der Ënnerstëtzung vun Ärer Chamber sécher ass, fir den 1. Januar 2012 a Kraaft trieden ze kënnen an also och Existenz ofzeséieren.

Schliesslech eng besser kënschtlerech Planung, gemeinsam Projeteen a virun allem eng nei Motivatioun an eng verstärkten Dynamik. An och nach méi Effizienz, optimiséiert Ressourcennutzung an duerch Synergien och Spuereffekter. Intim verbonnen, mä awer mat eegenen Identitéiten sinn elo déi zwou bis elo eng vun där anerer onofhängeg Strukturen, a mat där neier juristescher Konstruktioun, déi mer elo haut hei ofseene wäerten, weise souguer d'Ausrichtungen dann dee Moment vun deem zwee Haiser, datt Lëtzebuerg nei Weeër - an zwar säin eegene Wee - goe kann. Mir hunn hei eigentlech elo bal nees en neie Lëtzeburger Modell agefouert.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass nach eng Kéier d'Affär vum Numm ugeschwat ginn. Ech mengen, den Numm fënnt sech gemeinsam am Titel vun deem Gesetz erëm. Mir dierfen och hei keng falsch Diskussioun lasstrieden. Firwat verkomplizéieren? Ech kéint mer éischter virstellen, datt een zum Beispill e Präis géif schafen, deem een den Numm vun engem Henri Pensis géif ginn, zum Beispill fir Nowuessmuseker. Dat géif ech vill besser fanne wéi eppes, wat am Sproochgebrauch am Fong geholl souwisou net weider gebraucht a benotzt gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, den Erfolleg huet heiansdo vill Mammen a Pappen. Wann ech héieren, wou elo iwwerall gesot gëtt, déi Leit oder si oder hien hätte schonn ëmmer gemengt, et sollt alles an enger Hand sinn - mä et war awer ni! -, also allerspéitstens da sinn ech bestätegt, datt meng Entscheedung déi richteg war, fir déi zwou Entitéiten zu enger eenzeger juristescher Struktur zesummenzeféieren.

Déi zwee international Experten hate jo véier Modeller virgeluecht. Ech hunn do dee radikalste Wee gewielt gehat. Ech konnt e bis hannerhinner goen, well ech d'Leit mat u Bord kritt hunn a well de Groupe d'accompagnement eng formidable Aarbecht gemaach huet ënnert der Leedung vum Matthias Naske a well d'Museker op de Wee matgaange sinn, fir mat Verbesserungen och hir Zukunft, och am musikkalesche Beräich, nach ze steigern.

Merci also all deenen, déi hei matgeholfen hunn. Un éischer Plaz, wéi gesot, d'Museker an d'Personal, de Groupe d'accompagnement ënnert dem Matthias Naske, d'Direktiounen vun deenen zwee Haiser an d'Verwaltungsreit ënner hire Presidente Jean Hoss an Damien Wigny souwéi de Chefdirigent Emmanuel Krivine. Ech wëll nach eemol déi konstruktiv Haltung vun alle Bedeelegten an hiert Matschaffen ënnersträichen. Merci och der Kulturkommission vun der Chamber fir hir Mataarbecht an hiert Zoudoen.

Mir hunn elo aus zwee eent gemaach fir déi beschtméiglech Integratioun. Zwee Museksbetreiber, déi ënner engem Dach liewen, sollen net nëmmen niewenteneen existéieren, mä matenee liewen a funktionéieren. A wann et vläicht am Ufank eng Vernunftfehe war, da sinn ech awer sécher, datt dat sech entwéckele wäert zu enger ganz grousser Zouneigung a Léift, well och haut ass et absolut keng Exklusiv, mä ass et schonn e groussen inklusive Betrieb.

A schliesslech an endlech geet et jo just ëm eppes, ëm d'Musek an d'Kultur an ëm d'Freed, fir dem Publikum seng Musek méi no ze bréngen, ëm d'Freed, fir dem Publikum Freed ze maachen a fir dem Publikum Musek spillen ze kënnen. Ech si ganz zouversichtlech iwwer e gutt Zesammespill ouni Disharmonien an eng ganz gutt Zukunft fir eis nei Struktur.

Merci fir Äre Ënnerstëtzung an deem Beräich.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Ministesch. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6362 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Lucien Clement), Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Félix Braz), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6207, e Protokoll zu enger Benelux-Konventioun iwwert d'Propriété intellectuelle. Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun eiser Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass an de Vote par procuration net erlaabt ass. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech weider keng Riedner ageschriwwen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

8. 6207 - Projet de loi portant modification de la loi portant approbation du Protocole portant modification de la Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), fait à Bruxelles, le 22 juillet 2010

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Den Objet vun deem Projet ass et, fir e Protokoll vum 22. Juli 2010 ze approvieren, deen d'Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle am Beräich vu Marken, Zeechnungen a Modeller op verschidde Punkten ëmännert.

Zënter de spéide 60er, uganks 70er Jore ginn d'Marken, dat heescht d'Nimm an d'Logoe vu Produiten a Servicere, Zeechnungen a Modeller, déi de visuellen Aspekt vun engem Produit betreffen, an de Benelux-Länner op eng an déiselwecht Manéier geschützt. Dat geschitt

duerch een eenzeggen Dépôt vun enger neier Mark oder enger Zeechnung, engem Modell beim „Bureau Benelux des Marques“ respektiv beim Benelux-Büro „des Dessins ou Modèles“, déi allen zwee hire Sëtz zu La Haye an Holland hunn.

Den 1. September 2006 huet eng Konventioun d'Benelux-Gesetz ersat an eng nei gesetzlech Basis geschaaft. Des Weideren huet d'Konventioun deenen zwee Benelux-Büroen en neien eenheetlechen Numm ginn: „Office Benelux de la Propriété intellectuelle“. Dësen Office ass déi offiziell Instanz an de Benelux-Länner, fir Marken, Zeechnungen a Modeller ze enregistreieren. Donieft bitt den Office och den „i-DEPOT“ un, also déi elektronesch Méiglechkeet, fir d'Existenz vun Iddien, Konzepter, Kreatiounen a Prototypen ze actéieren.

Laut dem Rapport d'activité 2010 vum Office Benelux de la Propriété intellectuelle goufen am Joer 2010 iwwer 22.000 Marken déposiert, ronn 1.150 Modeller an iwwer 4.500 i-Dépôts gemaach. Et ass also schonn eppes mat enger gewässer Envergure. Dës Zuelen ënnersträichen also d'Bedeutung vum Office Benelux de la Propriété intellectuelle op eng beandrockend Aart a Weis.

De Protokoll, dee mir elo haut de Mëtteg approvieren, passt d'Konventioun un d'Besoin vum den Dépositanten an der Administratioun un, déi sech iwwert déi lescht Jore erausgeschient hunn. Ausserdeem gëtt versicht, dee ganze System ze vereinfachen an un den technologesche Fortschritt unzupassen. Ech wëll elo am Résumé - dat wäert schnell goen - d'Haaptännerungen, déi de Protokoll virgesäit, virstellen.

Éischtens, de Regëster vun de Mandataires agréés gëtt net realiséiert. Wéi sou net realiséiert? Majo, d'Schafung vun esou engem Regëster war, nodeems laang doriwwer diskutiert gouf, bei der leschter Modifikatioun vun de Benelux-Gesetz zréckbehalde ginn. Dese Regëster ass awer ni a Kraaft getrueden, well d'Accessibilitéit an d'Pérennitéit vun Regëster iwwerhaupt net zefriddestellend waren an och net garantéiert konnte ginn. De Conseil d'administration huet dunn decidéiert, fir esou e Regëster net ze realisieren an de Benelux-Regierungen dann och proposéiert, fir déi betreffen Dispositiounen an der Konventioun ze sträichen. Dat ass dann och heimadder geschitt.

Zweetens, de Service i-DEPOT gëtt an der Konventioun verankert. De Service i-DEPOT gëtt schonn zënter 1998 ugebueden; duerch de Protokoll gëtt en also elo och an der Konventioun fest verankert. Den i-DEPOT ass e Beweismittel an héileft, potenziell Konflikter am Beräich vun den Urheberrechter ze évitéieren, well do gëtt et e ganz grousst Konfliktpotenzial. Wann zum Beispill eng Iddi oder e Prototyp nach net genuch ausgeräit ass, fir elo schonn e Brevet ze kréien, da kann een awer scho via i-DEPOT actéiere loossen, dass een den Auteur vun där Iddi oder vun deem Prototyp ass, an da kann am Fong näischt méi geschéien.

An drëtts, d'Konditiounen, wat d'Publikatioun vum Règlement d'exécution betrëfft, ginn opgelockert. De Conseil d'administration vum Office Benelux de la Propriété intellectuelle ass zoustänneg, fir de Règlement d'exécution ze etabléieren. Eventuell Ännerungen um Règlement trieden awer eréischt a Kraaft, wa se an de Journaux officiels vun den dräi Benelux-Länner publizéiert goufen.

Et huet sech erausgestallt, dass dat oft ze laang dauert an dass d'Utilisateuren dräi verschidde Publikatiounen musse konsultéieren, fir erauszefannen, ob a wéini Ännerungen dann iwwerhaupt en vigueur sinn. Dat ass zimlech opwändig an net gutt retraçabel. Dofir hunn d'Regierungen decidéiert, dass et an Zukunft duergeet, dass de Generaldirekter vum Office Benelux de la Propriété intellectuelle d'Ännerungen vum Règlement d'exécution um Internetsite veröffentlecht, fir a Kraaft ze trieden. D'Benelux-Länner publizéiere weiderhin d'Modifikatiounen an hirem Journal officiel, mä dës Publikatioun conditionnéiert awer net méi hir Mise en vigueur oder hir Entrée en vigueur.

An deem Kontext freet sech d'Chambre de Commerce an hirem Avis, ob et duergeet, de Règlement d'exécution um Internetsite ze veröffentlechen, fir iwwerhaupt eng Rechtsgültigkeit ze hunn.

Well de Stat op dës Manéier Attributiounen, déi him per Verfassung zoustinn, un eng international Institutioun oftrëtt, fuerdert de Statsrot a sengem Avis, dass de Projet de loi geméiss dem Artikel 114 zweeten Alinéa vun eiser Verfassung, also mat enger Majoritéit qualifizéiert - wat mer dann och haut maachen - adoptéiert muss ginn. D'Ékonomieskommission huet sech dem Statsrot op deem Punkt ralléiert.

Doriwwer eraus mengt de Statsrot, dass d'Veröffentlechung vum Règlement d'exécution am Mémorial via Arrêté grand-ducal kéint ge-

schéien. Well esou Modifikatiounen awer meeschtens direkt am Mémorial publizéiert ginn, ouni Détour vun engem Arrêté grand-ducal, huet d'Ékonomieskommission decidéiert, dës Recommandatioun vum Statsrot net unzehuelen, zemools well et och net am Sënn vu méi enger grousser Simplification administrative wier, déi mir natierlech all ustriewen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, Dir hutt et scho gemierkt, dës ass e Projet de loi mat Ëmsetzungsprotokoll, dee Sënn mécht. Et ass e Projet de loi, deen de Realitéiten um Terrain Rechnung dréit an deen dofir och d'Zoustëmmung vun eiser ganzer Fraktioun fonnt huet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen der Madame Rapportrice Merci fir hire ganz detailléierte Rapport. Ech mengen, et wär alles gesot, et ass kee Riedner méi, deen d'Wuert freet. Da kéime mer direkt zur Ofstëmmung. Ech wëll hei nach eng Kéier drun erënneren, datt eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert ass an de Vote par procuration net erlaabt ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6207 ass ugehall mat 49 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

M. Marc Angel, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6307, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Enseignement fondamental. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eicher, Bauler, Adam a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

9. 6307 - Projet de loi modifiant et complétant l'article 76 de la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Fernand Diederich** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch d'Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 ass d'Léierpersonal vum Enseignement fondamental eleng ënnert d'Autoritéit vum Stat gestallt ginn, vertrueden duerch de Ministère vun der Éducation nationale; während säit dem Schoulgesetz vum 1912 d'Autoritéit deelweis beim Stat, deelweis bei der Gemeng louch.

D'Léierinnen an d'Schoulmeeschtere ginn also vum Ministère genannt, genau sou wéi d'Memberen aus der Réserve des suppléants an déi zäitweileg Remplaçanten, an duerno an déi verschidde Gemengen affectéiert, dës an dem Respekt vum Contingent vun den Unterrichtsstonnen, wéi deenen am Artikel 38 vum Gesetz vum 2009 festgeluecht ass. Säit dem 15. September 2009 sinn d'Gemengen net méi berechtigt, neit Léierpersonal anzustellen.

Den Artikel 76 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul huet als Objet, d'Opdeelung vun de Personalkäschten tëschent dem Stat an de Ge-



menge festzeleeën. Hie gesäit vir, datt d'Personal-käschten zulaaschte vum Stat sinn, mat Ausnahme vun de Käschte fir Leeschtungen, déi de Kader vum Contingent dépasséieren, déi zulaaschte vun der respektiver Gemeng sinn.

Dës Bestëmmungen hunn awer an der Praxis zu enger Rei Schwierigkeete gefouert. Hir Ausféierung géif eng bedeitend Reduktioun vun der staatlecher Bedelegung un de Personal-fraisé bedeiten, dëst zum Nodeel vun de Gemengen, wat net d'Absicht vum Gesetzgeber war.

En interministeriellen Aarbechtsgrupp mat Vertreder aus der Éducation nationale, dem Intérieur an de Finanzen ass zur Schlussfolgerung komm, den Artikel 76 ze änneren. Et gëtt proposéiert, déi noutwendeg Ännerungen ze konzentrieren, fir dem Text eng méi grouss Transparenz souwéi eng besser Lisibilitéit ze ginn, esou datt den amendéierten Text prezis déi verschidde Personalkäschten definéiert, déi ze berücksichtegen sinn, fir d'Opdeelung tëschent den zwee Partner, dem Stat an de Gemengen, festzeleeën.

De Paragraph 2 beseet, datt déi jährléich Dotatioun, déi iwwert de Fonds communal de dotation financière den eenzelne Gemengen zousteet, ëm een Drëttel vum Gesamtbetrag vun de Käschte reduzéiert gëtt. Beträff sinn d'Ausgabe fir d'Personal, dat dem Stat zougedeele ass, fir de Basisunterrecht ze assuréieren; b) fir d'Personal, dat virgesinn ass, fir d'Moossnamen ze realiséieren, déi am Plan de réussite scolaire virgesi sinn; fir d'Éducateuren, déi als zweet Persoun an de Klasse vun der Éducation précoce intervenéieren; fir d'Personal, dat Remplacement assuréiert fir d'Schoulmeeschteren, d'Chargé-de-cours an d'Éducateuren; och fir d'Schoulmeeschteren, d'Chargéen oder d'Éducateuren als aussergewöhnlech Entschiedegunge fir ee Méi un Aarbecht, also fir Iwwerstonnen.

Aner Elementer, wéi d'Stonnen, déi zougestane ginn, fir d'Besoinen am Zusammenhang mat der sozioökonomescher a soziokultureller Zesummesetzung vun der Schoulbevölkerung, d'Stonne fir den Enseignement moral et social ze assuréieren, d'Käschte vun den Équipes multiprofessionnelles souwéi déi vun de Cours d'accueil si ganz zulaaschte vum Stat.

E Spezialkredit ass am Budget vun de lafenden Ausgabe vum Innenministère ageschriwwen; hie beleeft sech op d'Differenz tëschent der Dotatioun vum Fond, wéi se jährléich am Budgetgesetz definéiert ass, minus een Drëttel vum Gesamtkäschtepunkt vun de Rémunérations. De Stat bedeelegt sech zu zwee Drëttel un der Rémunération vun de Gemenge-fonctionnaires, den Employéen a Salarié vum de Gemengen, déi weider an der Grondschoul intervenéieren laut de Konventionen, déi mat de betraffene Gemengen ofgeschloss sinn, virausgesat, datt hir Leeschtungen an der Schoulorganisation virgesi sinn, déi vum Minister approuvéiert ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Dekont vun de Personalkäschten, déi pro Gemeng oder Schoulsyndikat ventiléiert sinn, gi vun de Servicer vum Ministère de l'Éducation nationale opgestallt op Basis vun den Donnéeën, déi vun der Verwaltung vum Statspersonal geliwwert ginn an un dee Ministère weitergeleet ginn, deen zoustänneg ass fir de Fonds communal de dotation financière. Dëst muss geschéie spéitstens zwee Joer nom Enn vun dem Schouljoer, fir dat den Dekont erstallt gëtt. D'Bestëmmungen zu dësem Gesetz sinn applicabel beim Ufank vum Schouljoer 2009-2010, well déi jährléich Dotatioun, déi all Gemeng zoukënn, provisorisch berechent ginn ass, andeems ee sech u fréieren Dekonten orientéiert huet, esou datt eng Regulariséierung vun der Situatioun néideg ass.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn elo op déi wichtegst Punkte vun dësem Gesetz agaan - weider Detailler fannt Dir an dem geschriwwene Rapport - an ech bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun an ech soen Iech Merci och fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Diederich Merci fir säi Rapport, an als éischte Riedner ass den Här Emile Eicher agedroen. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Emile Eicher** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Gesetzesprojekt 6307 schafe mir elo Kloerheet an Transparenz an der Verdeelung vun de Käschte vum Personal vum Enseignement fondamental tëschent Stat a Gemengen. Den Artikel 76 vum Gesetz

vum 6. Februar 2009 hat festgehalten, datt de Stat zwee Drëttel vun de Rémunérations vum Schoulpersonal iwwerhëlt, datt duerch den Artikel 67 definéiert gouf, soulaang se net de Kader vum Contingent iwwerschreiden.

De Grondgedanke vum Contingent ass, fir alle Schoulen am Land eng équitabel Verdeelung vu Stonnen ze organiséieren, déi net nëmmen der Schülerziel Rechnung droen, mä och der sozioökonomescher an der soziokultureller Zesummesetzung vun de Schüler. Deem kënnen mir natierlech nëmmen zoustëmmen.

Am selwechte Gesetz gouf eng wäitreechend Entscheedung geholl, nämlech datt de Personnel enseignant eenzeg an eleng dem Ministère de l'Éducation nationale ënnerstallt gouf. D'Léierpersonal ass demno an de Kader vum Enseignement fondamental iwwerholl ginn, an d'Gemenge kënnen keen neit Personal astelle fir den Enseignement fondamental an Zukunft. Fir all déi Intervenanten, déi am September 2009 eng Feststellung als Chargé de cours, als Fonctionnaire communal, als Employé communal oder als Salarié communal hate bei der Gemeng, goufe Konventionen tëschent Stat a Gemengen etabliert.

Här President, bei der Ëmsetzung vum Artikel 76 ass awer festgestallt ginn, datt eng ganz Rei vu Prestatiounen an de Schoulen zu Interpretationsproblemer bei der Käschteverdeelung tëschent Stat a Gemenge gefouert hunn. Duerfir gëtt den Artikel 76 elo ëmgeännert, andeems onzweedeiteg festgehalé gëtt, datt de Stat d'Rémunérations vum Schoulpersonal a vum Personal vun de multiprofessionellen Équipes iwwerhëlt.

Iwwert de Fonds communal de dotation financière gëtt de Gemengen hir Bedelegung un dësse Personalkäschten ofgehalen. Esou bedeelege sech d'Gemengen an Zukunft nach ëmmer zu engem Drëttel bei de Stonne vum Enseignement de base. Derbäi kommen elo nach déi Stonnen, déi fir d'Ëmsetzung vu Moossnamen fir de Plan de réussite scolaire virgesi sinn, déi bis dato eleng vum Stat gedroe goufen. Genauso wéi bis elo finanziert de Stat zu 100% déi Stonnen, déi zousätzlech gebraucht ginn, éischens, fir de Besoinen ze entspriechen, déi duerch déi sozioökonomesch a soziokulturell Bedéngungen néideg sinn, an zweetens, déi Stonne fir den Enseignement moral et social.

Nei geregelt ginn déi Prestatiounen, déi net am Contingent festgehalé sinn. D'Gemenge bedeelege sech och an Zukunft zu engem Drëttel, éischens, un de Gehälter vun den Éducateuren, déi als zweet Persoun an der Éducation précoce schaffen; zweetens, un den Indemnités vun de Remplaçanten; an drëtens, un den Indemnités fir Iwwerstonnen. Sou iwwerhëlt de Stat 100% vun de Gehälter vun den Équipes multiprofessionnelles a vun den Intervenanten am Cours d'accueil.

Dëst si wesentlech Verbesserungen, déi bis elo deelweis zu Interpretationsproblemer gefouert haten. De Syvicol begréisst dës Gesetzesännerung, freet sech awer och, ob de Stat net besser hätt, sämtlech finanziell Chargé vum Schoulpersonal ze iwwerhuelen.

Am drëtten Punkt vum Artikel 76 engagéiert sech de Stat, duerch Konventionen mat de Gemenge mat zwee Drëttel un de Gehälter ze partizipéieren vun deene Fonctionnaires an Employés a Salariés communaux, souwäit hir Prestatiounen duerch d'Schoulorganisation vum Ministère approuvéiert sinn. An déi Konvention begrenz natierlech d'Paien och op dee Montant, dee Fonctionnaires an Employéé beim Stat hätten.

Här President, an Zukunft leet de Ministère de l'Éducation nationale een detailléierten Dekont vun de Fraisé vun dësem Schoulpersonal fir all Gemeng vir, an dat spéitstens zwee Joer nom Schouljoer, a gëtt e weider un de Ministère de l'Intérieur. De Moment sinn 270 Leit aus dem Gemeengepersonal dovunner betrafft. Sou wéi de Syvicol richteg bemierkt huet, wier et wichteg, wann d'Gemenge kéinten hiren Avis zu deenen detailléierten Dekonten ginn, ier se virun un de Ministère de l'Intérieur géife weidergereecht ginn. Dëst géif sécherlech och nach zu méi Transparenz féieren.

Dem Rapporteur, dem Här Fernand Diederich, wëll ech awer hei félicitéieren fir säin aussergewöhnlech gudden mëndlechen an och schrëftleche Rapport. D'CSV begréisst dës Gesetzesprojekt ausdrécklech a soumat ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Eicher, an als nächste Riedner ass den Här Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP). - Merci, Här President. Ech géif och dem Rapporteur Fernand Diederich Merci soe fir säin ausféierleche Bericht, deen hien op seng dach him eege Manéier virgedroen huet. Mir begrëssen dann

och, datt mat dësem Gesetzesprojekt, dee jo den Artikel 76 vum Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 ofännert, déi verschidde Personalfraisen, déi mat dem Enseignement fondamental verbundene sinn, méi prezisiéiert ginn. Domadder entsprécht d'Opdeelung vun de Käschten tëschent dem Stat an de Gemengen dem initiale Wëlle vum Gesetzgeber.

Et wier awer och begrëssenswäert gewiescht, wann d'Regierung d'Geleeënheet genotzt hätt, fir d'Texten vum 2009 och aus pädagogescher Siicht op de Métier ze huelen a berechtigter Kritik vum de Schoulpartner domadder Rechnung ze droen, déi an de leschte Méint a Wochen artikuliert goufen an op déi eisen deemolegen Educationssprecher Eugène Berger och higewisen hat.

► **Plusieurs voix.** - Aaaahh! Très bien!

► **M. André Bauler** (DP). - Dës Kritiken dréie ronderëm Sujete wéi zum Beispill d'Opstellung vum Contingent oder ëm d'Autonomie vun de Schoulen. Et ass regrettabel, datt dës noutwendeg a vu ville Säite gefuerdert Upassungen net parallel an Ugrëff geholl ginn an datt an eise Grondschoule weiderhin eng bürokratesch Kompetenz- a Bewäertungslogik dominéiert.

Dëst gesot, wëll ech awer den Accord vu menger Fraktioun zum virleienden Text ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (dêi gréng). - Merci, Här President. Ech fueren elo net do weider, wou den Här Bauler opgehalen huet, well ech zwar och der Meenung sinn, datt een nach viles kann iwwert d'Reform soen, an et gëtt och viles iwwert de Fond geschwat, mä et schéngt mer awer net am Kader vun dësem Projet de loi ze sinn - oder weinstens net déi néideg Zäit ze huelen, déi dat bräicht -, fir dat an engem konstruktive Sënn kënnen ze maachen.

Ech wëll just kuerz hei op dës Projet de loi agoen, an zwar ass et virun allem den Avis vum Syvicol, dee menger Meenung no awer eng ganz Rei Ustéiss gëtt, déi, fannen ech, derwärt sinn, diskutéiert ze ginn. Et ass emol fir d'Alleréisch: Mir haten, wéi mer am Schoulgesetz 2009 festgeluecht hunn, datt d'Gemengen..., oder datt d'Léierpersonal ganz géif vum Stat bezuelt ginn, do hu mer jo dann awer festgehalen, datt awer, wéi och bis elo, een Drëttel vun de Gemenge kënnt, just datt et direkt iwwert d'Dotation communale geet. Dat ass u sech eng gudd Saach, wat d'Léierpersonal ugeet, well fir déi ass et kloer geregelt, wien elo hire Patron ass. Et ass net méi déi Zwee-Drëttel-/Een-Drëttel-Geschicht fir d'Enseignanten.

Et bleift awer, datt d'Gemengen nach ëmmer e ganz groussen Deel an hirem Budget stoen hunn, wat iwwert den Enseignement geet. Fir verschidde Gemengen ass dat souguer déi décksten Dépense, déi d'Gemeng huet an hirem Budget. An et muss een awer och fairerweise soen: Eng Gemeng huet do haut net méi matzeschwätzen iwwert d'Évolution vun där Dépense. Si si weder gefrot ginn, wat bei de Gehälter vum Léierpersonal geschitt ass...

A wat ech och ganz erstaunlech fannen: wann ech am Rapport vum Syvicol liesen, wéi laang datt dat dauert, bis d'Gemengen déi Suen zréckkréien, déi se virgestreckt hunn, an och e Virwurf am Fond geholl vu Mangel un Transparenz, wéi dat verrecht gëtt. Dat ass anscheinend nach net üblech, datt dat automatesch an novollzéibar un d'Gemenge geschéckt gëtt, wéi sech dann déi Fraisen zesummesetzen. Dat géif ech mer wënschen - am Zäitalter vun eGovernment a vun allen elektronische Moyenen, déi een haut huet, misst et jo awer méiglech sinn, éischens, déi Délaie méi kleng ze kréien, an zweetens, och méi Transparenz an déi Saach eranzekréien.

Fir de Rescht: Selbstverständlech maache mer mat deem Gesetz hei en Oubli vum Gesetz vum 2009, béie mer et richt. Dat fanne mer richteg a gudd, an duerfir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun fir dës Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Adam, an als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Här President, ech soen Iech villmools Merci. Ech wollt och just e puer Kommentare maachen. Zum Prinzip vum Gesetz gi mer ganz gär eisen Accord a mir soen och dem Här Rapporteur Merci fir seng ganz gudd Aarbecht. Et ass en Oubli gewiescht. Et ass nach vill aner am Schoulgesetz iwwert d'Reform vun der Primärschoul, wat ze kritiséieren wär; mir komme bestëmmt nach eng aner Kéier dorobber zréck.

Eng Fro: Et ass vläicht nach net ganz kloer, wat mam sozioéducative Personal geschitt a mat de Schwammmeeschteren, weinstens am Kader vun deenen hiren Aufgaben am Unterrecht; do ka vläicht d'Madame Minister eppes derzou soen.

An ee Regret hu mer awer, dat ass schonn, wat d'Technique législative ugeet. Et ass scho bedauerlech, wann de Statsrot seet, datt déi Fiche financière, déi bei deem Gesetz do derbäiläit, héiflech ausgedréckt „très lacunaire“ wär. Do géife mir awer mengen, wann...

(Interruption)

Et ass d'Meenung vum Statsrot, Madame Minister. Do géife mir awer mengen, wa mir hei mat engem Gesetz saiséiert ginn, wou retroaktiv och nach de Gemenge solle Sue gi ginn - wat mir awer begrëssen -, da géife mir awer als Parlament gär wëssen, ëm wat et sech genee handelt. Schliesslech läit d'Budgetsautoritéit - weinstens am Abléck nach - hei. Vläch kënnt Dir vum nächste Joer un direkt mat Bréisel schwätzen, mä soulaang mir hei d'Kompetenz fir de Budget hunn, géife mer och gär dorüwer Bescheid wëssen!

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser. D'Wuert kritt elo d'Madame Unterrechtsministerin.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*. - Merci, Här President. Och ech wëll mech uschlëssen un deen Dank un de Rapporteur fir säi Rapport an ech freeë mech iwwert déi breet Zoustëmmung hei zu dësem Projet de loi, deen en fait e relativ technesch Aspekt vum Schoulgesetz concernéiert.

Ech denken, dass, wéi d'Gesetz vum 2009 gestëmmt ginn ass, et de Wëlle war vum Législateur, dass de Stat sollt zwee Drëttel iwwerhuele vun de Käschten an d'Gemengen een Drëttel. Dat war jo eigentlech Tradition esou am Lëtzebuerger Unterrecht an der Grondschoul. Dat ass och esou an d'Gesetz geschriwwen ginn. Do huet sech just erausgestallt beim Verrechnen, dass et eigentlech verschidde Kategorië vu Personal gëtt an dass deem am Gesetz net Rechnung gedroe gi war, well mer eigentlech ëmmer iwwert de Contingent geschwat hunn an net iwwert d'Remplaçanten, zum Beispill, an aner Intervenanten, an dofir gëtt et elo den Artikel, d'Proposition, fir den Artikel 76 ze änneren.

Ech mengen, graff gesot ass et esou, dass de Stat an d'Gemenge sech all Personal deelen: zwee Drëttel fir de Stat, een Drëttel fir d'Gemeng, ausser dat Personal, wat supplementär accordéiert gëtt, wann eng Gemeng en Indice social huet, dee méi schlecht ass - da krée se jo doduerch méi Personal am Contingent. Déi ginn 100% zulaaschte vum Stat. Selbstverständlech alles, wat den Enseignement moral et social ugeet, déi Stonne bleiwen 100% zulaaschte vum Stat. Alles, wat „équipe multi“ ass, d'Équipes multiprofessionnelles, also dat spezialiséiert Personal, wat intervenéiert, wat virdru ganz zulaaschte vun de Gemenge war, geet elo ganz zulaaschte vum Stat. An dann all d'Intervenante fir d'Cours d'accueil, wou Primo-arrivanten opgeholl ginn, wäerten och ganz zulaaschte vum Stat sinn. Dat gëtt eng Clarificatioun, ganz sécher, et gëtt och eng Verschiebung, et gëtt eng Entlaaschtung fir d'Gemengen, also et ass méi zulaaschte vum Stat wéi elo.

Ech sinn och ganz verdrësslech doriwwer, dass déi Ofrechnungen, dass dat esou laang Zäit brauch, bis d'Dekont gemaach sinn. An et ass jo am Fond, dat war jo eent vun den Objektiver vum Gesetz vum 2009, fir d'Responsabilitäten, de Finanzement a méi Transparenz ze schafen an deem ganze Secteur. Mir hunn elo ugefaangen, d'Prozeduren nei ze definéieren, eisen Informatiksystem ass elo bal optimal. Et muss een natierlech gesinn, dass hei vill Acteure mussen eng Datebank speisen. D'Datebank, dat ass dann de Fichier vum Personal, wat beim Stat schafft. Mä déi Leit ginn agedroe vu verschidene Plazen, an dofir kann ech elo nach net mat 100%eger Sécherheet soen, dass alles klappt. Mä mir sinn awer amgaangen, déi Prozeduren do ze straffen, an ech sinn och ganz zouversichtlech, dass dat ëmmer besser gëtt.

Ech wëll just rappeléieren, dass iwwer Joren Dekonten vun de Gemengen erakomm sinn, wou Leit vun deem enge Joergank, deem aneren dra waren, dass do Retardé waren op där enger Säit an op där anerer. Also mir sinn allequerte verbesserungsfäeg, fir hei méi Transparenz an e bessere System eranzubréngen. Dat gesot...

(Interruption)

Neen, ech kann Iech assuréieren, dass mer äifreg do amgaange sinn. An dat gesot, freeën ech mech iwwert dee Konsens an ech sinn och



iwwerzeegt, dass d'Gemenge begréissen, dass mer deen neie System hunn an dann d'Ofrechnung kennen elo no dësem System maachen.

Wat déi aner Aspekter ugeet vum Schoulgesetz, do steet am Regierungsprogramm - an ech hunn och wëlles, dat anzehalen -, dass mer no dräi Joer e Rapport maachen an dass mer dann iwwert déi Saachen alleguerten diskutéieren. An dat wäert sinn d'nächst Joer ëm dës Zäit.

Ech soen Iech Merci, dass Der dat Gesetz do esou massiv stëmmt.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Schoulministesch. Domadder wär d'Diskussion ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstimmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6307 ass ugehall mat 59 Joestëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6307 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par Mme Martine Mergen), Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Josée Lorsché;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Eisen nächste Projet de loi ass de Projet de loi 6335, e Memorandum zu engem Accord vun de Benelux-Länner iwwert d'Kooperatioun an der Krisegestioun. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

10. 6335 - Projet de loi portant approbation du Memorandum d'accord concernant la coopération dans le domaine de la gestion des crises pouvant avoir des conséquences transfrontalières entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg, signé à Luxembourg, le 1^{er} juin 2006

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, mir befannen eis, wéi gesot, bei dësem Memorandum...

(Brouhaha général)

Mir befannen eis bei dësem Memorandum am Kader vun der Kooperatioun vun de Benelux-Länner, an am Joer 2003 hunn déi dräi Länner decidéiert, aus der grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht bei Accidenter oder bei Katastrophen en neien Thema ze maache vu méi enger enker Zesummenaarbecht. Dëse Memorandum gouf den 1. Juni 2006 vun de Justiz- oder Innenministernen ënnerschriwwen aus deenen dräi Länner. An et gëtt schonn en ähnleche Memorandum aus dem Joer '96, wou et ëm d'Kooperatioun geet am Domän vun der Polizei, Justiz an Immigratioun.

Et ass vläicht wichteg, och hei ervirzesträichen, dass dëse Memorandum, iwwert dee mer haut

ofstëmmen, laut Auteurs vum Projet de loi an awer och laut Conseil d'État, an awer och laut deem, wat an der Belsch gesot gëtt an an Holland, equivalent ze setzen ass mat engem internationalen Traité, well de Memorandum juristisch Dispositiounen enthält, déi bindend sinn.

De Projet de loi 6335 besteet aus engem Article unique, wou mer einfach dee Memorandum approuvéieren. Ech wollt awer e puer Wuert selwer zum Memorandum soen zwëschen deenen dräi Länner - Belsch, Holland a Lëtzebuerg. Et geet u mat enger ganzer Rei Considéranten, déi da gefollegt si vun eefel Artikelen.

Här President, ech ginn op e puer Punkten an. D'Problemer, Incidenten oder Accidenter, déi a grenznoe Géigende geschéien, hunn oft Konsequenzen, déi iwwert d'Grenze vun deene Länner erausginn. Mir hunn an deenen dräi Benelux-Länner eng Retsch Seveso-Betriber. Mir hunn an der Belsch an an Holland Atomkraftwierker; mir hunn Autobunnen, Schinnen, op deene geféierlech Transporter duerghezu ginn. Also, et kann ëmmer emol eppes do geschéien.

Wann et zu esou Incidenten kënnt, kennen d'Konsequenze vun deenen Incidenten natierlech déi Grenzen net. De Problem stellt sech awer par contre fir d'Rettungsdéngschter an och hir Mataarbechter, fir déi déi Landesgrenzen oft en Obstacle duerstellen. An dëse Memorandum soll eben dozou dëngen, fir déi Obstacle ewechzeraumen.

Am Artikel 1 ginn eng Rei Instrumenter presentéiert, wéi e besseren Informationsaustausch, eng méi grouss Harmoniséierung vun der Planification d'urgence. Den Artikel 2 zielt och déi responsabel Autoritéiten op an deenen dräi Länner. Fir Lëtzebuerg ass dat den Haut-commissariat à la Protection nationale. Den Artikel 3 schwätzt vun de sougenannten technesch a prakteschen Arrangementen, déi mussen ëmgasat ginn. Et gëtt och schonn zwee där Reglementer. Dat steet alles am schrëfteleche Rapport, dat kënnt Der do noliessen.

Den Artikel 7 seet, dass och all Land e Correspondant muss ernennen, an dann den Artikel 4, dee seet, dass mer mussen e Réseau de transmission vun Informatiounen hunn, dee 24 Stonnen op 24 a siwen Deeg op siwen Deeg funktionéiert. Am Artikel 5 geet et ëm de Contenu vun den Informatiounen, déi ausgetauscht kënnen ginn. An d'Artikele 6 an 10, déi zielen op, dass ee muss alljährlech Concertatiounsréunionen hunn. Et muss ee gemeinsam Übungen organiséieren zwëschen deenen dräi Länner an et muss een natierlech och d'Redaktioun vu gemeinsamen Evaluatiounsberichter maachen.

De Statsrot huet sech dësem Projet de loi net opposéiert. Et goufe keng weider Avisen. Dofir géif ech Iech proposéieren, den Accord ze ginn zu dësem Projet de loi. Meng Fraktioun wäert dat op jiddwer Fall maachen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Angel. D'Wuert kritt elo als éischt agedroe Riednerin d'Madame Martine Mergen.

► **Une voix.**- Als éischt an eenzeg Riednerin.

► **M. le Président.**- Den Här Kartheiser ass nach agedroen.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Alleréischtt wollte mer als CSV-Fraktioun dem Rapporteur Marc Angel villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport. E war esou komplett, dass ech brauch nëmme ganz kuerz - Här Bettel! -, dass ech nëmme ganz kuerz muss heizou Stellung huelen.

Mir denken alleguerten net gären un d'Katastrophenzeenarien, an et hofft een natierlech, dass et ni dozou kënnt. Et ass awer onëmgänglech an et gehéiert zu onsen Aufgaben, gewësenhaft op esou tragesch Ereegnisser virbereet ze sinn, fir dass, am Fall wou, alles esou virbereet ass, esou préparéiert ass, fir méiglechst séier an effikass ze intervenéieren.

D'Katastrophen an d'Accidenter stierzen d'Welt an de Chaos a si änneren d'Liewe vu Mënsche bannent Sekonnen. Mir gesinn dat ëmmer erëm op der Televisioun a jiddwereen hofft, quitte dass ee mat leit, dass et laanscht onst Land geet.

Wéi oft héiert een, dass bei verschiddenen Zeenarien awer ze vill kostbar Zäit verluer gaangen ass, wann d'Hëllef net rechtzäiteg op der Plaz ukomm ass oder d'Gestioun vun der Hëllef net op der Héicht war, mat oft tragesche Konsequenze fir déi Betreffen.

Et geet och ganz vill ëm d'Koordinéierung vun der Hëllef, an ech erënneren drun, zu Ramstein - et ass zwar schonn eng ganz Rei Joren hier -, wou déi amerikanesch Hëllefsdéngschter an déi

däitsch Hëllefsdéngschter béid zwar op der Plaz waren, mä wou awer zwou Iddien vum Hëllef openanergeknallt sinn, dat heescht, déi eng hunn d'Leit, sou wéi se waren, an d'Ambulanz gelueden, déi aner wollte se op der Plaz primär versueren. Dat heescht, et ass scho gutt, dass een och an där Hisiicht am Viraus sech Gedanke mécht, wéi een dat dann elo wëllt maachen.

D'Moderniséierungs- an d'Globaliséierungsprozesser hu mat sech bruecht, dass d'Ufuerderungsprofiler am Krisen- a Katastrophemanagement sech rasant veränneren. Ganz besonnesch vill Ufuerderunge sinn och hei un d'Material gestallt.

Accidenter a Katastrophen hunn natierlech och oft iwwerregional Auswierkungen, sou dass et wichteg ass, dass een och iwwert d'Grenzen effikass zesummeschafft, mat der Situatioun ugepassten Hëlfeinterventiounen mat interdisziplinärem Charakter, fir dës Hëllef kennen esou séier wéi méiglech ze erméiglechen.

Dass d'Efforten, fir interregional am Kader vun der Benelux méi kohärent zesummenzeschaffen, net vun haut a gëschter datéieren, weist de Memorandum aus dem Joer 1996, deen eng Kooperatioun am Beräich vun der Police, der Justiz an der Immigratioun erméiglecht.

Dëse Gesetzestext, dee mer elo virleien hunn, stellt d'Rahmenbedéngungen, fir eng grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht am Fall vu Katastrophen an Accidenter ze erméiglechen.

Ech géif wëllen der CSV-Fraktioun hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Mergen. An d'Wuert kritt elo den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och fir d'Éischt emol e ganz härerleche Merci un den Här Angel, deen als Rapporteur erëm eng kéier fläisseg a ganz gutt geschafft huet, wéi en dat gewéinlech mécht, mä ech géif awer nach gären e puer Froen un den Här Minister stellen.

Här Minister, Dir hutt elo deen Accord hei dem Parlament virgeluecht, fir datt mer deen da ratifizéieren, mä bei där Geleeënheet wollte mer Iech - éischstens - froen: Sidd Der mat eisen Nopeschstaten och am Gespréich iwwert d'Méigleckeete vun der Air Rescue, fir do kënnen och ze participéieren un deenen Operatiounen?

Dat schéngt jo net ëmmer méiglech ze sinn an och net ëmmer einfach méiglech ze sinn. Et wär vläicht interessant, wann Der dozou kéint e Wuert soen.

Eng zweet Fro betrëfft - dat ass vläicht net direkt an Ärem Kompetenzberäich -, mä et betrëfft awer déi institutionell Regelungen op Lëtzebuerger Säit, vläicht kënnt Der och dozou eppes soen, an dat ass d'Fro vum Haut-commissariat à la Protection nationale, wou mer nach ëmmer net déi gesetzlech Regelungen hunn, déi awer scho säit Laangem am Raum stinn. Et wär interessant, vun Iech ze erfueren, wéi d'Regierung gedenkt an deem Dossier virunzegoen.

Eng drëtt Saach ass: Mir hunn elo hei e Memorandum mat de Benelux-Statene, dee mer jo och begreissen an dee mer och gär matstëmmen, mä mir hu bei där Geleeënheet awer och nogekuckt, wéi et da mat eise Relatiounen am Sécherheitsberäich mat eisen aneren Noperen, mat Däitschland a mat Frankräich, ass.

Mir erënneren hei un eng parlamentaresch Fro, déi den honorabelen Här Gibéryen virun enger gewësser Zäit gestallt hat iwwert de Problem vu Kettenuewen - ech dierf Iech den Här Gibéryen virstellen.

Do ass erauskomm an der Beantwortung vun där Fro duerch eis Regierung, datt mer en Ofkommen mat Frankräich iwwert d'Zesummenaarbecht vun de Pompjeesdéngschter hunn aus dem Joer - ech muss nokucken - 1962, dat wor also nach viru Kettenuewen. D'Fro stellt sech, ob d'Regierung vläicht an der Tëschenzäit drun denkt, dat ze aktualiséieren a vläicht e bëssen ze komplettéieren.

A mat Däitschland, och e Land, wou Atomzentralen nach ëmmer funktionéieren an déi och kéinte vun engem Accident an der Belsch oder zu Kettenuewen betraff sinn, do hu mer en Ofkommen iwwert d'Zesummenaarbecht mat de Sécherheitsdéngschter vun 1980. Dat ass och elo net brandaktuell. Dat ass awer eréischt 31 Joer al, während et mat Frankräich scho bal aus Revolutiounszäiten ass!

Dofir, Här Minister: Kéint Der eis vläicht do e bësse méi Informatiounen ginn?

Dat gesot, stëmme mer awer dëse Memorandum mat der Benelux ganz gär mat. Ech soen Iech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. An d'Wuert kritt elo den Här Innen- an Arméiminister Jean-Marie Halsdorf.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Memorandumsaccord ass, mengen ech, eng ganz interessant Initiativ, well se ass eenzegaarteg an der EU. U sech kann een et als Traité considéieren. Duerfir huet et och esou laang gedauert, bis mer effektiv dee Projet hei an d'Chamber kritt hunn. 2006 waren déi éischt Elementer.

Wann ech vun Eenzegaartegkeet geschwat hunn, da mengen ech domat, dass et deen eenzeg Traité oder Accord ass, deen trilateral ass. Et gëtt praktesch iwwerhaupt keng Accorden, a wann et der iwwerhaupt gëtt an der EU, da si se bilateral.

Duerfir wollt ech dem Här Kartheiser och soen: Gesitt Der, hei si mer awer schonn avantgardistes, wéi mer et och bei der Polizei sinn, wou mer och dat eenzegt Land sinn an Europa, wou et e Centre commun policier et douanier gëtt zwëschen véier Staten: Däitschland, Belsch, Frankräich a Lëtzebuerg. An och hei si mer an Neiland.

Et soll jo am Fong geholl festgeluecht ginn, wéi déi dräi national Strukturen sollen zesummeschaffe bei Incidenten, déi iwwert d'Grenze ginn. Do ass et scho Virleefer ginn. Dee Grupp, deen ëmmer do geschafft huet, deen huet gehescht „Groupe catastrophes“.

(Hilarité)

An deen Numm - dee war scho ganz gutt -, duerfir heescht dee Grupp elo anescht, en heescht elo „groupe de travail Gestion des crises du Benelux“, an dee soll dann eben iwwer eng modern, holistes, integrativ Approche all Secteuren am Fong geholl regroupéieren.

Et ass ugeschwat ginn: Atomkraftwierkskatastrophen, Naturkatastrophen. Zum Beispill am Seveso-Beräich gëtt et eng Direktiv effektiv, wéi een e Seveso-Betrieb ze considéieren huet. Awer et gëtt keng Gestionsdirektiv. Also mécht et scho Sënn. An ech weess, dass geplangt ass, éischstens, deemnächst gemeinsam Exercicer ze maachen. Et hu schonn Exercicer stattfonnt bilateral. Do waren dann och Lëtzebuerger respektiv Hollänner oder Belsch derbäi, deemno wou et war.

Zweetens, et sinn technesch Arrangementen gemaach ginn. Dee Réseau, dee 24 Stonnen op 24, 365 Deeg d'Joer soll schaffen, dee fonctionéiert. Do gëtt et eng Information mutuelle. Do si Leit designéiert. An do sinn och da Membere dovun notament de Service Information et Presse, d'Administration des services de secours an och den HCPN. Also, dat steet alles, an déi Leit gesi sech och regelméisseg.

Drëttens ginn deemnächst d'Korrespondenten definéiert, déi sollen an der Cellule de crise matschaffen, wann e Problem ass. Wann e Problem an Holland geschitt, wéi ee Belsch geet dohinner, wéi ee Lëtzebuerger geet dohinner? Wann een an der Belsch geschitt..., an esou weider. Dat alles leeft och.

Dir gesitt also, et si kloer Virstellungen do. Wat gutt ass: Dee Käschtapunkt dovun ass null. Well déi Strukturen, déi elo bestinn, déi huelen dat Ganz mat duerch. Et gëtt also kee Coût supplémentaire. Just déi Käschten, wann eng kéier géif eppes geschéien, déi kommen natierlech.

A mir ginn dovun aus, dass déi Erfahrungswäerter, déi mer hei kréien, vläicht iwwer e Projet pilote an een EU-wäite Projet kënnen afléissen, well mer mengen, dass et wierklech derwäert ass, dës Démarche ze analyséieren a wierklech e permanente Monitoring ze maachen.

Mir wëssen och, dass verschidden Elementer vun deem Memorandum hei schonn a lokal Initiativen oder regional Initiativen agelaf sinn, sou dass ech muss soen, hei beweegt sech eppes.

An esou ass et och fir déi Froen, déi Dir, Här Kartheiser, och gestallt hutt betreffend notament de Projet de loi iwwert den HCPN. Do gëtt dru geschriwwen a geschafft.

Wat d'Air Rescue ugeet, dat ass ee Partner, wéi et der vill gëtt an deem Beräich. Et muss ee kucken, wann een dat heiten elo opgestallt huet, wéi een déi Leit ka mat abannen.

An datselwecht ass am Pompjees- a Rettungs-wiesen. Do wësst Der, dass mer eng Reform ustriewen. Ech wollt d'nächst Joer e Projet de loi hei an d'Chamber bréngen. A mat där neier